



Groupe parlementaire

N°6943  
Entrée le 03.10.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 03.10.2022

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, d'Madamm Justizminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "LCGB fuerdert Sécherheetskabinne fir Buschaufferen", deen den 13. September um Zitt vun RTL publizéiert gouf eleng dës Joer scho bal eng dosend Iwwergrëff op Buschauffere registréiert. Weider heescht et an engem Schreiwes vun der zitierter Gewerkschaft, datt déi Fäll op bestëmmte "sensible" Strecke besonnesch dacks virkommen a fuerdert als Léisung d'Installatioun vu Sécherheetskabinne fir Chaufferen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi weist, wéi vill Iwwergrëff op Buschaufferen an de Joren 2018 bis 2021 jeeweils gemellt goufen, op wéi eng Strecke sech de Schwéierpunkt verdeelt huet, wéi dacks de Chauffeur huet missen hospitaliséiert ginn a wéi dacks en Täter duerch d'Justiz condamnéiert gouf? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi vill Krankeschäiner an deem genannten Zäitraum op en Iwwergrëff zeréckzeféiere waren?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, op hien sech déi Fuerderung vum LCGB no Sécherheetskabinne wëll zu eege maachen? Falls net, kann den Här Minister elaboréiere wéi déi Decisioun motivéiert wier a wéi hien d'Sécherheet vun de Chaufferen alternativ wëll erhéijen, och fir engem potenziellen Attraktivitéitsverloscht vum Beruff entgéint ze wierken?
- 3) Sou wéi an der Presse ze liese war, gehéieren zu deene sougenannte "sensible" Strecken och grenziwwerschreidend Linne Richtung Frankräich. Kann den Här Minister matdeelen u wéi eng Autoritéite Chauffere sech kënnen adresséieren, wann si hannert der Grenz attackéiert a wouméiglech an eng Situatioun bruecht gi, wou si hir Faart mussen ofbriechen? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi eng Instanzen an deem Fall zoustänneg sinn, fir sech ëm dat entspreichend Gefier an de Weidertransport vun de betrouffene Passagéier ze bekëmmern? Kann den Här Minister doriwwer raus allgemeng elaboréieren, wéi wäit de Schutz vun de Chaufferen tëscht deene bedeelegten ëffentlechen a private Busentreprisë grenziwwerschreidend koordinéiert gëtt?
- 4) Kann den Här Minister matdeelen, wéi hien zu der Méiglechkeet steet, Täter déi wéinst engem Iwwergrëff op Personal vum ëffentlechen Transport verurteilt goufen, den Zoutrëtt dozou zukünfteg ze verweigern?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Travail, de l'Emploi et  
de l'Économie sociale et solidaire

**Réponse commune du ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, du ministre de la Mobilité et des Travaux publics et de la ministre de la Justice à la question parlementaire n° 6943 de Monsieur le Député Jeff Engelen**

**Ad. 1**

An der Annexe fënnt den Här Deputéierten all d'Fäll déi an de Joren 2018 bis 2021 am RGTR gemellt goufen.

D'Gesetz vum 19. Juni 2009 betreffend der Sécherheet am ëffentlechen Transport ass net am informatesche System vun de Justizautoritéite (JUCHA) libelléiert. Am Fall vun Attacke ginn d'Buschaufferen am JUCHA als Victime agedroen. Des Weidere ginn am JUCHA keng Informatiounen iwwert de Beruff vun der Victime agedroen, soudass weder Statistiken zu de Strecken op deene sech dëse Schwéierpunkt verdeelt huet nach zu der Unzuel vun de Verurteelunge kënnen geliwwert ginn. Informatiounen zu Krankeschäiner sinn intern Ugeleeënheeten vun den Betriber.

**Ad. 2**

D'Aféiere vu Sécherheetskabinnen an den RGTR Bussen ass net eleng eng Fuerderung vun der Gewerkschaft. Effektiv gouf d'Konzept mat de Sécherheetskabinnen zesumme mat de Busbetriber, der Gewerkschaft an der Verwaltung fir ëffentlechen Transport (ATP) elaboréiert. D'Finanzéierung vun dëse Sécherheetskabinnen ass am Budget 2023 virgesinn. Et sief awer bemierkt, dass deen een oder anere Betriber op eegen Initiativ scho Sécherheetskabinnen an hire Bussen agebaut huet, am Bestriewen fir d'Fuerpersonal géint Duerchbruch a Späizen ze schützen.

Laut den Dispositiounen vum Aarbechtsgesetzbuch muss den Employeur d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Salariéierten an allen Aspekter am Zesummenhang mat der Aarbecht assuréieren.

Laut de Reegele vum Kollektivvertrag vum 25. Juni 2009 betreffend de Mobbing a Gewalt op der Aarbechtsplaz, huet den Employeur sécherzestellen dass d'Gewaltakten op der Aarbecht verhënnert an ënnerbonne ginn. Den Employeur muss, no Berodung vun de Personalvertrieder, d'Aarbechter an dëser Thematik sensibiliséieren a Moossnamen opsetze fir ze vermeiden, dass d'Gewaltakten op der Aarbecht optrieden an d'Aarbechter géint esou Gewaltakte schützen.

### **Ad. 3**

Am Fall vun enger Aggressioun soll den Noutruffknäppchen am Bus betätegt ginn, woumat d'Leetstell vun der ATP kontaktéiert gëtt; d'Leetstell ënnerhëlt dann di néideg Schrëtt, wéi zum Beispill direkt d'Police kontaktéieren.

Administrativ ass déi éischt Ulafstell dem Chauffeur seng eegen Hierarchie, déi de Fall weider un d'ATP mell. Mëttels engem Formular, dee fir all Netzbedreiwer standardiséiert ass, soll den Tëschefall opgeholl ginn.

Heefe sech d'Aggressiounen, sou läit et an der Responsabilitéit vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten fir entspriechend Mesuren ze ergräifen. Souwéi am Fall vu vereenzelten grenziwwerschreidende Linne Richtung Frankräich, wou den Tracé oder den Horaire geännert gouf an och déi entspriechend Präfekturen an Gemengen op der franséischer Säit a Kenntnis gesat goufen.

Och bei engem Virfall ass an der Theorie de Weidertransport vun de Passagéier garantéiert. De Busbetrieb gräift an deem Fall op seng Reserve zréck.

### **Ad. 4**

Et ass d'Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwer Uerdnung a Sécherheet am ëffentlechen Transport, dat dem Transportminister et erlaabt, deene Persounen, déi sech esou dernieft behuelen, den Zougang zum ëffentlechen Transport ze verbidden. Hei gëtt et eng Limitt vun engem Joer wou esou eng Exclusion ka prononcéiert ginn. D'Moosnam soll engersäits a Relatioun mat der Gravitéit vun engem Virfall stoen, an anerersäits den Zweck erfëllen, fir präventiv sécherzestellen datt et net nees relativ séier zu engem neien Iwwergrëff kënnt an deem Zäitraum. Jee nodeem wéi schwéier eng Aggressioun war, kann et sinn datt parallel och eng Enquête leeft. Falls emol eng Persoun tatsächlech zu enger Prisongsstrof veruerteelt gouf wéinst enger Aggressioun am ëffentlechen Transport, bleift et vu Fall zu Fall ofzeweien ob et nach Sënn mécht fir duerno nach eng administrativ Strof ze huelen.

Luxembourg, le 8 novembre 2022

**(s.) Georges ENGEL**  
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie**  
**sociale et solidaire**

Annexe – Incidents rapportés (RGTR et AVL):

<b><u>Date incident</u></b>	<b><u>Endroit</u></b>	<b><u>Acte</u></b>	<b><u>Objets/Personnes visés</u></b>	<b><u>Faits constatés</u></b>
07/01/2017	arrêt Melusina	Vandalisme	Fenêtres cassées	Coups contre les fenêtres et portes du bus
19/01/2017	Mont-St-Martin	Vandalisme	Fenêtres cassées	Jet de pierres contre les fenêtres par des jeunes
26/01/2017	arrêt Caisse de maladie	Agression physique	Femme innocente	Coups et blessures contre un passager par deux hommes
28/01/2017	arrêt Melusina	Vandalisme	Bus	Personnes fumaient dans le Bus et ne voulaient pas arrêter
11/02/2017	arrêt Ottange	Agression verbale	Chauffeur de bus	Menaces exprimées par un individu envers un chauffeur
15/02/2017	Hachiville	Comportement inconvenant	Bus	Uriné dans le Bus
04/03/2017	arrêt Clervaux-Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultes par un passager
08/03/2017	arrêt Ettelbruck-Gare	Agression physique	Chauffeur de bus	Coups et blessures contre le chauffeur de bus
13/03/2017	arrêt Rambrouch-Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultes par un passager
29/03/2017	arrêt Ettelbruck-Rte de Bastogne	Vandalisme	Fenêtre endommagée	Un individu a jeté une pierre contre la fenêtre arrière

08/04/2017	Place de Paris-Quai 3	Vandalisme	Fenêtres cassées	Dispute entre jeunes avec endommagement des fenêtres
29/04/2017	P+R Bouillon	Agression physique	Entre tiers	Dispute entre des passagers avec dégradation des sièges
09/08/2017	St.Charles-Pl.de l'église	Agression physique et verbale	Chauffeur de bus	Passager ne voulait pas sortir du bus
02/10/2017	arrêt Charly's Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Un jeune attaque le chauffeur de bus verbalement
08/12/2017	arrêt Wandmillen - Stadtbredimus	Comportement inconvenant	Bus	Uriné dans le bus
12/12/2017	arrêt Folschette	Comportement inconvenant et Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultes vers le chauffeur et violence contre les sièges suite à une déviation due à un chantier que le bus a dû prendre
26/01/2018	Schandel	Agression verbale et physique	entre tiers	Dispute entre trois individus et agression verbale contre le chauffeur
24/03/2018	Place de Paris-Quai 3	Agression verbale	entre tiers	Dispute entre tiers et agression verbale contre chauffeur de bus + dégradation des sièges
13/04/2018	sur le trajet	Comportement inconvenant	Bus et chauffeur de bus	Rixe entre tiers personnes avec

				vandalisme et insultes
16/04/2018	arrêt Mont-St-Martin	Agression et délits	Bus et chauffeur de bus	Jet de pierre, menaces avec un couteau
23/05/2018	Musson école	Agression verbale	Chauffeur de bus	Jet d'objets dans le bus
08/10/2018	arrêt Charly's Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultes contre le chauffeur de bus
31/10/2018	arrêt Foch Mont-St-Martin	Agression verbale et délits	Bus et chauffeur de bus	Jet d'objets contre le bus, fenêtre avant cassé
07/11/2018	arrêt Monterey	Agression verbale et délits	Bus et chauffeur de bus	Coup de pied contre le bus et agression verbale contre le chauffeur
16/11/2018	LTC devant feu rouge	Comportement inconvenant	Chauffeur de bus	Individu voulait entrer à l'arrêt des feux rouges, agression verbale contre chauffeur de bus et a filmé le chauffeur
21/03/2019	Schandel	Agression verbale	Bus et chauffeur de Bus	Passager voulait sortir sans arrêt et a ensuite insulté le chauffeur et endommagé le bus
02/04/2019	sur le trajet	Agression verbale	Bus	Agressions verbales de passagers vers une femme puis le chauffeur de bus
14/08/2019	Oberfeulen-Chapelle	Vandalisme	Sièges	Siège endommagé

21/09/2019	Foetz	Agression verbale et délits	Bus et chauffeur de Bus	Ouverture abusive des portes et insultes contre le chauffeur
19/10/2019	Rodange-Gare	Agression verbale et comportement inconvenant	Clients et chauffeur	Abus d'alcool et comportement inconvenant envers les clients et chauffeur
28/10/2019	Perlé - An der Huel	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus	Chauffeur a fini sa ligne, client ne voulait pas sortir, insultes et coup contre le chauffeur
31/10/2019	Perlé - Schoul	Comportement inconvenant	Chauffeur de bus	Client s'est endormi et ne voulait pas sortir, appel police
14/11/2019	Ettelbruck-Loppert	Agression verbale et physique	Passagers et chauffeur	Insultes et coups contre les passagers et le chauffeur
11/12/2019	Larochette - Bleech	Vandalisme	Bus	Jet de pierre contre le bus et fenêtres du bus
10/06/2020	Wiltz - Gare	Agression verbale	Passagers et chauffeur	Insultes et harcèlements
15/06/2020	Esch-sur-Sûre	Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultes pour comportement inconvenant
17/11/2020	Grevenmacher	Comportement inconvenant	Chauffeur de bus	Insultes et remarques des élèves vers le chauffeur de bus
20/02/2021	Esch/Alzette Terres rouges	Agression verbale	Chauffeur de bus	Bus surchargé, en demandant de

				libérer la porte, le chauffeur a subi des menaces verbales
13/03/2021	Villerupt - Barbusse	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus et passagers	Individu frappe contre les portes et insultent les clients et chauffeur
02/04/2021	Rodange-Gare	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus	Coup contre les portes du bus et insultes par la fenetre chauffeur
12/04/2021	Luxexpo Quai 3	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus	Individu simulait de l'aide pour tentative de vol avec coup et blessures volontaires et dommages au bus
14/04/2021	Luxembourg-Monderait	Agression verbale	Chauffeur de bus	Insultation et ouverture abusive des portes
28/04/2021	Diekirch-Gare	Comportement inconvenant	Chauffeur de bus	Endommagement des sièges, enlèvement des masques
12/05/2021	entre Bissen et Colmar-Berg	Délit	Passagers et chauffeur	Port d'une arme
02/07/2021	Rodange-Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Clients demandaient d'ouvrir les portes avant d'être à l'arrêt, lors du refus par le chauffeur, les clients l'ont insulté
08/07/2021	Rue d'Asselborn	Agression verbale	Chauffeur de bus	Etudiants agressent verbalement le



				chauffeur qui a ensuite poussé un étudiant
09/07/2021	Troisvierges-Gare	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus	Coup sur le thorax par un client vers notre chauffeur
24/07/2021	Non connu	Comportement inconvenant	Tierce personne	Couple qui se battaient à l'extérieur du bus.
28/07/2021	Place d'étoile	Comportement inconvenant	Tierce personne	Couple ivre qui s'insultait, le chauffeur a appelé la police
10/12/2021	sur le trajet	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus et tierce personne	Refus de porter un masque, coups et blessures volontaires
18/10/2021	Terminus-Stade	Agression verbale et physique	Chauffeur de bus et bus	Refus de porter un masque, coups contre le bus et insultes
31/10/2021	Avenue Monterey	Agression verbale	Passagers et chauffeur	Individu alcoolisé a menacé les passagers, maîtrisé par le chauffeur et livré à la police
10/11/2021	Audun-le-Tiche/Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Interdiction de cabotage, les passagers voulaient sortir
22/11/2021	Dippach-Gare	Agression verbale	Chauffeur de bus	Individu voulait sortir avant l'arrêt, Il insultait le chauffeur et

				donnait des coups dans la porte
18/12/2021	Non connu	Comportement inconvenant	Tierce personne	Passagers qui se battaient dans le bus